N°4331
Entrée le 27.07.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro n° 4331 vum 26.06.2026 vum honorablen Deputéierten Marc GOERGEN betreffend Interimsaarbecht am RGTR.**

**Wéi vill Interimsaarbechter fueren aktuell fir Busfirmen am RGTR? Kann d'Regierung dës Zuelen no Busfirma oplëschten?**

Dës Informatioune leien dem Ministère net vir.

D'Organisatioun vum Personal – inklusiv am Fall vun Interimsaarbechterinnen an Interimsaarbechter – läit an der Verantwortung vun de jeeweilege Busbetriber, an dat am Respekt vum gëltege legale Kader wéi och dem Kollektivvertrag, an den RGTR-Exploitationskontrakter.

**Wéi vill Interimsaarbechter fueren aktuell fir de Schoultransport am RGTR? Kann d'Regierung dës Zuelen no Busfirma oplëschten?**

Och heizou leien dës Informatiounen net vir.

**Wéi eng Ufuerderunge gëlle fir d'Personal vun de privaten Entreprisen, déi fir den RGTR an de Schoultransport fueren, notamment a Bezuch op Führerschäin, Formatioun, Aarbechtszäiten, Sproochkenntnisser a Kontroll vum Aarbechtsrecht?**

Fir d'Fuerpersonal gëlle follgend Ufuerderungen:

- Führerschäin: hei gëllen déi legal Bestëmmung fir d'Conduite vu Bussen: Führerschäin Kategorie D (fir Bussen) + Code 95 (professionell Formatioun fir Conductricen a Conducteuren);
- De Kader fir d'Aarbechtszäiten ass gereegelt duerch de Kollektivvertrag vum Secteur;
- Sproochekenntnisser sinn iwwer d'Kontrakter definéiert, souwuel fir Reegelverkéier ewéi fir Schoultransport: D'Personal muss sech a mindestens enger vun den dräi Landessproochen (Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch) ausdrécke kënnen;
- D'Kontroll vum Aarbechtsrecht fält an d'Responsabilitéit vun der Inspection du travail et des mines (ITM).

Luxembourg, le 24.07.2026

La Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics
(s.) Yuriko Backes